Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2023

# RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- sämtlech Parteien an de vergaangene Joren eng Trennung vun Deputéierten- a Schäfferotsmandater gefuerdert hunn an dëse Projet souwuel 2013 wéi och 2018 am jeeweilege Koalitiounsaccord festgehale gouf;

sou heescht et am Koalitiounsaccord vun 2013:

"*Les conditions [...] de l'interdiction du cumul du mandat de députés avec des fonctions électives aux échelons tant européen que local seront déterminées*";

a schliisslech am Accord vun 2018:

- "*Le projet de Constitution prévoit la possibilité d'étendre l'incompatibilité du mandat de député à d'autres mandats politiques. Après l'adoption de la nouvelle Constitution les partis de la coalition vont s'atteler à revoir le statut légal du bourgmestre et des échevins. Un large consensus sur les modalités de l'introduction d'une règle de non-cumul de mandats locaux avec celui de député sera recherché*";

d'Chamber vun den Deputéierten:

ass sech bewosst, datt:

- déi nei Verfassung elo adaptéiert ass an domat d'Konditioun vum Koalitiounsaccord vun 2018 erfëllt ass;

recommandéiert, datt:

- hir Memberen, déi op Basis vum Resultat vun de Gemengewale vum 11. Juni 2023 eligibel fir e Buergermeeschter- oder Schäfferotsmandat ginn, dëst Mandat entweder net unhuelen oder op hire Sëtz an der Chamber verzichten.